



Här Mars di Bartolomeo
President vun der Chamber



Lëtzebuerg, den 11. Dezember 2017

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit bieden ech Iech dës parlamentaresch Fro iwwert elektromagnéitesch Stralung un d'Madamm Minister fir Gesondheet an den Här Minister fir Wirtschaft weiderzeleeden.

Etüden hunn gewisen, dass elektromagnéitesch Stralungen niewent der thermescher Belaaschtung och biophysesch Wierkunge mat sech bréngen, déi sech duerch negativ Effekter op dat mënschlecht Nervesystem bemierkbar maachen. Duerch dës Mikrowellen erhéije sech net nëmmen d'Gesondheitsrisike fir d'Mënschen, mee och d'Biodiversitéit geréit weider a Gefor. Enger Publikatioun vun der Direction de la Santé au Travail vum Gesondheitsministère no ginn dem Secteur professionell eng sëllege Mesure presentéiert, fir dës Stralungen ze reduzéieren. Nom Prinzip Alara (« as low as reasonably achievable ») gëtt hei beispillsweis probéiert, de Wert vun 0.6 V/m (Bioinitiative) net z'iwwerschreiden. Och d'WIFI « intelligents » droen zu enger Reduzéierung vun de Stralungen bei. Ech begréissen dës Initiativen, allerdéngs missten op der anerer Säit och Informatiounen en vue vun enger Stralenréduktioun an déi privat Haushälter verdeelt ginn. Dat selwecht gëllt fir d'Schoulen, wou ëmmer méi informatesch Material mat WIFI-Verbindungen agesat gëtt. Et ass wichteg, eis Kanner an d'Enseignante virun deene beschriwwenen negativen Auswierkunge vun den elektromagnéitesche Stralungen ze protegéieren.

Weiderhi ginn a villen Haushälter zu Lëtzebuerg vill onnéideg Internet-Routeren agesat, well oft Jidderee probéiert dat stäerkste WIFI-Netz ze hunn. Dëst féiert mengen Informatiounen no zu Interferenzen zweschent den eenzele Kanäl. Aus dësem Grond ginn d'Stralungen an den Haushälter natierlech och drastesch an d'Luet, an domat och d'Geforen. Eng besser Informatiounspolitik kéint och hei hëllefen.

An deem Kader wollt ech der Madamm Minister fir Gesondheet an dem Här Minister fir Wirtschaft dës Froen stellen:

- Envisagéiert d'Madamm Minister d'Populatioun iwwer déi gesondheetlech Risiken opzeklären? Wann jo, wéi?
- Wéi gedenkt d'Madamm Minister op déi ëmmer méi grouss Risiken duerch d'Stralungen an de Schoulen ze reagéieren? Wéi sollen eis Schüler protegéiert ginn?
- Firwat ginn et Recommendatiounen fir de professionnelle Secteur an net fir de private Beräich? Gedenken den Här Minister respektiv déi verschidden Telekommunikatiounsenterprise och do fir Opklärung ze suergen? Wéi gesäit et mat WIFI « intelligents » fir privat Haushälter aus?
- Ginn et Inferenz-Problemer bei de Routeren? Wann jo, wat gedenkt den Här Minister dogéint ze maachen?
- Ginn nei Techniken fir d'Iwwerdroe vun Donnéeën « sans fil » gefërdert?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

A handwritten signature in black ink, appearing to be 'FH' or similar, with a horizontal line above it.

Françoise Hetto-Gaasch

Députéiert



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: JOME Laurent
Tel: 247 85510
Email: laurent.jome@ms.etat.lu

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
16 JAN. 2018

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
43, boulevard Roosevelt
L-2450 Luxembourg

Luxembourg, le 16 janvier 2018

Concerne: Question parlementaire n° 3516 du 11 décembre 2017 de Madame la Députée Françoise Hetto-Gaasch

Réf. : 822x01eab

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de Monsieur le Ministre de l'Économie et de la soussignée à la question parlementaire n° 3516 du 11 décembre 2017 de Madame la Députée Françoise Hetto-Gaasch concernant les "Ondes électromagnétiques".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

La Ministre de la Santé,


Lydia MUTSCH





Réponse de Madame la Ministre de la Santé et de Monsieur le Ministre de l'Économie à la question parlementaire n° 3516 du 11 décembre 2017 de Madame la Députée Françoise Hetto-Gasch concernant les "Ondes électromagnétiques".

De Service Environnement vun der "Division de la santé au travail et de l'environnement" (DSATE) vum Gesondheetsministère ass responsabel fir Miessungen a Berodung am Beräich elektromagnéitesch Stralung, souwuel am professionellen ewéi am private Secteur.

D' Miessunge vun niddrefrequenten an héichfrequenten elektromagnéitesch Felder ginn op Ufro hin duerchgefëiert. Des weidere beréit den Service Environnement Servicer, Entreprises a Privatleit iwwer Verhalen a Mëttel fir d' Stralenexposition op ee Minimum ze reduzéieren. Am private Beräich gëllen dobäi déi selwecht Recommandatiounen, wéi am professionnelle Secteur, nämlech de Precautionswert vun 0,6 V/m.

Zum Thema WIFI huet DSATE e Flyer erausbruecht deen op d'Charakteristike vum WIFI, déi verbonne Gesondheetsaspekter an déi aktuell Grenz- a Precautionswerter hiweist. Dëse Flyer gëtt op Ufro hin ënner anerem u Schoule verdeelt a steet der Ëffentlechkeet online ënner <http://www.sante.public.lu/fr/publications/r/reseau-wifi/reseau-wifi.pdf> zur Verfügung.

Des weidere wëlle mer an dëse Kontext op d'Äntwert vum Educatiounsminister op d'parlamentaresch Ufro nr 3313 vum 21. September 2017 vun der Deputéierten Martine Hansen verweisen, wou et och em d'Thema Wifi mat Schwéierpunkt Schoul geet.

D'Installatioun vu Routeren a Wifi Geräter berout op enger Entscheedung vun de Privatleit. Geräter déi hei zu Lëtzebuerg agesat ginn, mussen CE konform sinn. Et ass also wichteg drop opzepassen dass des Geräter dat entspriechend CE Zeechen hunn.

D'Wahrscheinlechkeet vun Interferenzen hellt mat der Unzuel vun de Benotzungen (Unzuel vun Apparater) op klengem Raum zou. Prinzipiell ass et sou, dass de WIFI a Frequenzberäicher fonctionnéiert an deenen interferenzfräit Schaffen net ganz ka garantéiert ginn.

Dëst kennt zu engem gudden Deel dohier well jiddereen sech sou en Apparat ka kafen an och selwer a Betrib kann huelen, ouni gréisser Fachkenntnesser missen ze hunn. An engem vun engem Operateur geplangte Reseau gëtt et déi Interferenzen net, oder zumindest manner, well do déi Interaktioun tëscht allen Apparater zentral vum Operateur ka koordinéiert ginn. Am Fall wou Installatiounen vu Fachleit gemaach ginn, z.B. a gréissere Gebaier, kann de Fachmann dee WIFI Reseau och sou plangen dass déi Interferenzen méiglechst kleng gehale ginn.

D'Ausmooss vun sou Interferenzen hänkt och dervun of wéi vill Donnéeën iwwerdroe ginn. Des weidere sinn Interferenzen och ofhängeg vun der Quantitéit vu Frequenzen déi genotzt kenne ginn. Aus deem Grond ass och d'Frequenzband dat fir de WIFI virgesinn ass, d'Band 2.4 GHz, duerch en weidert Frequenz-Band erweidert ginn, d'Band 5 GHz. Des Frequenzbänner ginn op internationalem Niveau definéiert a Lëtzebuerg schléisst sech där Entwécklung un an iwwerhëlt dat Band a sengem nationale Frequenzplang (deen um Site vum ILR publizéiert ass). Wann nei Frequenzen dofir definéiert ginn da wäerten déi och zu Lëtzebuerg benotzbar gemaach ginn.